N°3490
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 24ten Dezember 1985 iwwert d'Gemengebeamte leet eng Disziplinarprozedur fest, déi vum Commissaire du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire an dem Conseil de discipline duerchgefouert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Zuel vun Disziplinaraffären am Gemengesecteur zënter 2020 entwéckelt, opgeschlësselt pro Joer? Bei wéi ville vun dësen Affären ass et um Enn zu enger Disziplinarstrof komm?

2. Wéi vill Disziplinaraffären aus deene Jore betreffen de Gemengesyndikat TICE? Bei wéi ville vun dësen Affären vum TICE ass et zu enger Disziplinarstrof komm?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

N°3490
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden a vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°3490 vum 20. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet " Affaires disciplinaires dans le secteur communal comparées à celles du TICE".

1. **Wéi huet sech d'Zuel vun Disziplinaraffären am Gemengesecteur zënter 2020 entwéckelt, opgeschlësselt pro Joer? Bei wéi ville vun dësen Aff ären ass et um Enn zu enger Disziplinarstrof komm?**

Zënter 2020 gouf et bei de Gemengen am gesamten 151 Disziplinaraffären déi follgendermoossen op déi eenzel Jore verdeelt sinn:

Communes	Année	TOTAL Affaires Communes	Classement sans suites	Sanction appliquée	Recours pendant	En attente de décision	En attente de l'arrêté d'application	En cours d'instruction
	2020	12	5	7	0	0	0	0
	2021	11	1	10	0	0	0	0
	2022	35	6	20	9	0	0	0
	2023	31	8	23	0	0	0	0
	2024	25	7	16	1	0	1	0
	2025	29	7	7	0	5	4	6
	2026*	8	0	0	0	0	0	8
		151	34	83	10	5	5	14

\97~~-67-868~~❷

Bei de 34 Affären déi ouni Suite klasséiert goufe war 1 Affär duebel eragereecht ginn, a 4 Affären ass den Agent net ënnert de Régime disciplinaire gefall, an 9 Fäll ass den Agent pensionéiert ginn oder huet demissionéiert, an 3 Fäll war den Auteur net berechtegt de Commissaire ze saiséieren, a 7 Fäll waren d'Reprochen net kloer genuch, a 5 Affäre war d'Saisine net regulär, a 4 Affäre ware Faiten net etabléiert sou dass kee Feeler konnt zeréck behale ginn an an enger Affär ware Faite verjäert.

2. **Wéi vill Disziplinaraff ären aus deene Jore betreff en de Gemengesyndikat TICE? Bei wéi ville vun dësen Affären vum TICE ass et zu enger Disziplinarstrof komm?**

Zënter 2020 gouf et beim TICE am gesamten 36 Disziplinaraffären déi follgendermoossen op déi eenzel Jore verdeelt sinn:

Joer	2020	2021	2022	2023	2024	2025	2026*
Affären	0	1	3	13	4	8	7

\97-~~67~~-~~8~~68❷

Dovunner sinn der 8 ouni Suite klasséiert ginn, 18 Sanctioune goufen gesprach, an 2 Affäre muss de Conseil de discipline nach eng Decisioun huelen, an 1 Affär muss den TICE nach d' Sanctioun applizéieren, a 7 Affären sinn nach an der Instruktioun.

Bei deen 8 Affären déi ouni Suite klasséiert goufe war 1 Affär duebel eragereecht ginn, an 2 Affären ass den Agent net ënnert de régime disciplinaire gefall, an engem Fall war den Auteur net berechtegt de Commissaire ze saiséieren, an engem Fall waren d'Reprochen net kloer genuch an, an 3 Affäre ware Faiten net etabléiert sou dass kee Feeler konnt zeréck behale ginn.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2026
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden